



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 19te Mee 2022 wéilt ech der Ministesch fir Justiz eng mëndlech Fro stellen.

Den 22ten Oktober 2021 haten d'Ministere Jean Asselborn, Henri Kox, Sam Tanson, Paulette Lenert a Claude Meisch een neie Moosnamekatalog fir d'Bekämpfung vun Drogekriminalitéit virgestallt. Eng vun dëse Mesurë sollt ee Gesetzesprojet zur Legaliséierung vu Cannabis sinn, deen et ënnert anerem sollt erlaben, fir bis zu 4 Cannabisplanzen doheem unzebauen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

Wou ass dëse Projet am Moment drun?

Wéini denkt d'Ministesesch, dass dëse Projet kann an der Chamber deposéiert ginn?

An Däitschland hunn d'Regierungsparteien sech am Dezember 2022 op eng Legaliséierung vum Cannabis fir Genosszwecker geenegt.

Wéi huet sech d'Situatioun zu Lëtzeberg verännert, wëssend, dass déi nei däitsch Bundesregierung sech an hierem Koalitiounsaccord fir eng Legaliséierung vum Cannabis fir Genosszwecker ausgeschwat huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

